



E NEE muss och emol sinn

Ein « Nein » muss manchmal sein!
Von Dagmar Geisler, Loewe Verlag

Iwwersetzung an Ëmschreiwung
an eng Theaterstéck
vu der Maison Relais
An Der Dällt, Schuttrange



Säit 1 + 2

- Et ass Donneschden.
- D'Madamm Rose steet mat enger Kiischtentaart um Balcon.
- „Well Dir e Stéck?“ freet Si.
- D'Madamm Rose mécht déi beschten Taarten aus der Stad.
- „Nee Merci“ soen de Lukas an d'Taya ganz haart.
Sie hu versprach virum Owesiessen näischt Séisses méi z'iessen.
- „Nee Merci“ seet den Emil. Heen huet keng Kiischte gären.
- „Nee Merci“ seet d'Matilda. Hat ass nach sat vum Mëttegiessen.
- Eigentlech ass d'Madamm Rose eng ganz léiwe Madamm. Mee si huet es lo genuch. Wat soll dann emmer den NEE?
- Den Herr Florian vun der Bank huet och erëm Nee gesot. Hien huet ganz frëndlech NEE gesot.
- Awer een NEE ass NEE an dat deet wéi seet d'Madamm Rose.



- Owes setzt Madamm Rose op der Terrass.
- Am Haus géigeniwwer ginn d'Luchten aus.
- Den Herr Florian huet d'Bank scho längst zou gemaach an ass Heem gaang.
- D'Madamm Rose drénkt hiren Téi a kuckt an den Himmel. Dobäi denkt si "Wat ass dat da fir e blöd Wuert, den NEE".

Säit 3 + 4

- An do geschitt et. Am Himmel ass eng Stäreschnäiz ze gesinn, déi gréissten a schéinsten, déi d'Madamm Rose jee gesinn huet.
- Deen wou eng Stäreschnäiz gesäit, däerf sech eppes wënschen an dat mecht d'Madamm Rose dann och.
- Si wënscht sech, dass dat Wuert NEE aus der ganzer Welt soll verschwannen. Kee Mënsch brauch dat, seet si.
- Si mécht d 'Käerz aus a geet an d'Bett



Säit 5 + 6

- Den nächste Moie straalt d 'Sonn um Himmel an d 'Vigel zwitscheren.
- "Hues du gutt geschlof, mäi Schatz?" freet dem Emil säi Papp.
- Den Emil huet net gutt geschlof. Do war eng Méck an senger Kummer, déi de ganzen Zäit gesummt huet.
- NEE well heen äntweren, awer d 'Wuert well net eraus.
- " Et geet esou" äntwert hien dunn.
- Och de Lukas an Taya sinn am gaang Kaffi ze drénken, a wéi bal all Moie streiden si zesummen.
- "Wëlls du Zoossiss an däi Müsli ?" freet Taya.



Säit 5 + 6

- De Lukas well "Nee op kee Fall" jäizen.
- Taya äntwert dann ëmmer "Wisou? Dat schmaacht dach gutt."
- An hat géif wéi ëmmer dobäi laachen.
- Sou geet hiert Spillchen all Moies.
- Haut seet de Lukas awer guer näischt.
- Taya kuckt de Lukas un a versteet näischt méi a léisst dann Zoossiss an den Äerdbiersmüsli falen



Säit 7 + 8

- Kee Mënsch kann d 'Wuert "NEE" méi ausschwätzen.
- Mam Kapp rësele geet och net méi. Et kann een och net méi NEE schreiwen.
- D'Kanner fannen dat ganz witzeg a stellen all déi Froen, bei deenen déi Erwuessen normalerweis ëmmer Nee soen.
- "Däerf ech eng grouss Schossel grénge Wackelpudding iessen?" freet den Emil säi Papp.
- Taya freet seng Mamm a säi Papp, ob hat sou laang opbleiwen däerf, wei hatt well.
- De Lukas well just nach Séissegkeeten iessen an d'Matilda freet ganz vill Gutt-Nuecht-Geschichten, bis dass seng Mamm hees ass.



Säit 9 + 10

- D’Kanner si ganz erstaunt, wei séier hinnen dat awer langweileg gëtt.
- An do mierke si dat et ganz vill Situatiounen ginn an deenen den “NEE” awer ganz wichteg ass.



Säit 11 + 12

- "Sou geet dat net weider" seet den Emil.
- "Jo" rífft de Lukas "Et muss eppes gemaach ginn"
- "Mir huelen eis eisen Nnnn... zeréck" rífft Taya.
- "Awer wei soll dat goen?" freet d'Matilda.
- "Mir wësse guer net wouhin den NEE verschwonnen ass."
- "Dann musse mir dat eraus fannen" seet Taya.



Säit 13 + 14

- Dat kéint eng laang Sich ginn. Awer zum Gléck muss d'Matilda de Mëtten bei de Coiffer goen.
- Beim Coiffer kuckt d'Matilda eng Zeitung bis hatt un d'Rei kënnt a lauschtert an engems der Madamm Rose beim schwätzen no.
- Do héiert d'Matilda déi ganz Geschicht mat der Stäreschnäiz an der Madamm Rose hirem Wonsch.
- Matilda leet Zeitung zeréck, fir d'Hoer ze schneiden ass keng Zeit méi



Säit 15 + 16

- Wéi d'Matilda mat sengen Neiegkeete bei déi anere leeft, hunn déi och Neiegkeeten fir hat.
- "Mir hunn erausfonnt wei mir Nnnn... soe kennen." rífft den Emil.
- "Mir müssen et just sangen" seet Taya.
- "Mir musse bei d'Madamm Rose" seet Matilda.
- Déi 4 maache vill Kaméidi. De Lukas klappt mat den Deckelen an den Emil trommelt mat der Trommel.
- Madamm Rose kennt op de Balcon an do sangen déi 4 sou haart ewéi Sie kennen.
- Villäicht klengt dat e bëssen schief, mee dat ass net schlemm.
- Haaptsaach Madamm Rose versteet em wat et geet.



Säit 15 + 16

- 2x
- "Mir wëllen den NEE zeréck,
- Soss gött et fir eis kee Gléck.
- Den NEE kann eis nätzlech sinn,
- E kann eis beschützen.
- Dofir froe mir
- Géff eis en zeréck."



Säit 17 + 18

- D'Madamm Rose huet verstanen, mee wisou et esou wichteg ass, dass een och mol Nee soen muss, versteet si elo eréischt, nodeems d'Kanner hier dat erkläert hunn.
- Sie versteet , dass een net JO seet fir ee Stéck Taart, wann ee versprach huet näischt Séisses virum Ovesiessen z'iessen.
- Sie versteet och elo dass een Nee esouguer liebenswichtig kann sinn.
- Net sech virzestellen, a wéi eng Gefor si d'Kanner bruecht huet.
- Si selwer hätt och gären Nee gesot , wéi de Coiffer gefrot huet, ob si gréng a mof Meschen an d 'Hoer well.
- "Iwwregens" seet den Emil, "Den Herr Florian ass allergesch op Séisses."
- Matilda: "Hien däerf also nie JO soe fir e Stéck Taart."
- "Oh" seet d'Madamm Rose ganz traureg "Wat maache mir elo?" .



Säit 19 + 20

- De Lukas huet eng Iddi. Owes treffe sie sech alleguerte bei der Madamm Rose op der Terrass a maachen sech op d 'Sich no Stäreschnäizen.
- Et dauert an et dauert.
- "Dat gött näischt méi" seet Matilda.
- "Do" rífft den Emil op eemol.
- Um Himmel si ganz vill Stäreschnäizen ze gesinn.
- Madamm Rose otemt déif an. Si wënscht sech nach méi staark ewéi déi éischte Kéier.
- An Alleguer wënschen si mat.



Säit 21 + 22

- Den nächsten Dag, freet dem Emil säi Papp hien : "An? Hues du gutt geschlof?"
- "Nee" rifft den Emil ganz frou.
- Taya freet de Lukas : "Wëlls du Zoossiss an däi Müsli?"
- "NEE op kee Fall", jäizt de Lukas an dann emaarmt heen seng kleng Schwëster sou fest, dass hat bal keng Loft méi kritt.
- Matilda stellt senger Mamm ganz vill Froen :
- "Kanns du ee Knuet an deng Nues maachen?" an "Bass du schonn um Plaffong op der Kopp getrëppelt?"
- An bei all "NEE" danzt hat ganz frou duerch d 'Zëmmer.
- D'Madamm Rose, kuckt an hirem Kachbuch "Gromperegratin... oder eng Quiche lorraine... dat schmaacht hier bestëmmt".
- Dann schléit si d 'Buch zou "Ech mengen ech muss elo akaafen goen" seet si.



Säit 23 + 24

- Madamm Rose ass ganz opgereegt.
- Sie wénkt de Kanner op der Spillplaz an si wénken hier zeréck.
- An do wénkt nach een, den Herr Florian.
- "Wei schéin iech ze gesinn" seet hien. "Leider maachen ech keng Taarten, awer ech maachen dee bäschten Zwiwwelskuch aus der Staat. Däerf ech lech eng Kéier alueden?"
- Madamm Rose ass ganz iwwerrascht.
- Sie laacht a seet "Do kann ech net NEE soen"
- "Heescht dat JO?" freet den Emil.
- "Dat heescht Jo" seet Madamm Rose.



De Kiwi kuckt
Inklusioun a
weist Inklusioun !

De Kiwi seet iech
villmools MERCI fir
dee flotte Bäitrag !

De Kiwi freet:

- Wéieng Methoden hu mir am Team fir op Aenhéicht zesummen mat den Kanner iwert Grenzen an Regeln ze schwetzen?
- Wéi kënnen mir e Kand derbài ennerstëtzen séng eegen Grenzen ze spieren an dofir anzestoen, souwuel wéi fir d'Grenzen vun deem aneren ze respektéiren?
- Wéi kënnen mir d'Kanner dobài ennerstëtzen ze spieren wou sii JO oder NEE wëllen soen, an sii ze begleeten fir en Choix ze treffen ?

